N°3012
Entrée le 09.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.10.2025
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Gläichheet tëscht Geschlechter an Diversitéit weiderzeleeden.**

Eis Gesellschaft huet sech an de leschte Joerzéngten däitlech weiderentwéckelt, a mat hir och d'Familljestrukturen an d'Opdeelung vun den elterlechen Aufgaben. D'Roll vun de Pappen an der alldeeglecher Betreiung vun de Kanner ass keng Ausnam méi, mee eng Norm, déi et ze fërdere gëllt. Genee esou si Famillje mat engem elengerzéiende Papp oder gläichgeschlechtlech Koppelen eng Realitéit an eisem Zesummeliewen.

Leider spigelen eis ëffentlech Infrastrukturen dës Entwécklung nëmmen äusserst seelen erëm. Dat quasi systematescht Feele vu Wéckeldëscher an den Toilette fir Männer stellt eng konkret Barriär fir eng gläichberechtegt Eltereschaft duer. Et zwéngt Pappen an aner männlech Begleetpersounen an onconfortabel an onwierdeg Situatiounen, sief et, andeems se hiert Kand um Buedem, op enger ëffentlecher Bänk oder zeréck an hirem Auto wéckele mussen.

Dës infrastrukturell Lacune verstäerkt de Stereotyp, datt d'Fleeg vu klenge Kanner ausschliisslech an d'Responsabilitéit vun de Frae fale géif. Fir d'Gläichstellung vun de Genren an der Praxis ze garantéieren, ass et absolut noutwenneg, datt eis ëffentlech Plazen un d'Realitéite vun alle Familljen ugepasst ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Verfüügt d'Regierung iwwer Donnéeën oder en Inventaire iwwert d'Zuel vun ëffentleche Gebaier oder ëffentlech zougängleche Plazen (Restauranten, Akafszentren, asw.), déi aktuell mat Wéckeldëscher op de Männertoiletten equipéiert sinn?

2. Wat sinn déi aktuell legal oder reglementaresch Bestëmmungen, op nationalem oder kommunalem Niveau, déi d'Flicht zur Installatioun vu Wéckeldëscher encadréieren? Gëtt heibäi en Ënnerscheed nom Geschlecht gemaach?

3. Deelt d'Regierung d'Meenung, datt eng inklusiv Infrastruktur, besonnesch duerch d'Presenz vu Wéckeldëscher, déi fir all Elterendeeler zougänglech sinn, en essenziellt Element ass, fir d'Gläichstellung vun de Genren an d'Wuelbefanne vum Kand ze fërderen?

4. Gesäit d'Regierung fir, legislativ oder reglementaresch Moossnamen z'ergräifen, fir d'Installatioun vu Wéckeldëscher an de Männertoilette bei Neibauten oder bei gréissere Renovatioune vun ëffentlech zougängleche Plazen obligatoresch ze maachen?

5. Am Kader vun den Aarbechten um Gesetzesprojet 8480, wier d'Regierung bereet, dës Fuerderung opzegräifen an a Form vun engem Amendement anzebréngen? Wann jo, wéi ee Ministère wier zoustänneg, fir esou eng Initiativ ze leeden a bannent wéi engem Zäitraum kéint dës ëmgesat ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten